# Bonjour, Monsieur Dame wann ech gelift?



*1957, v.l.n.r., 1. Rei: Josette Dahm-Tautges, Marie-Louise, Albertine Luja; 2. Rei: Léon Cahen, Marie François, Selma Cahen an André Cahen*

D'Vendeuse huet dacks keng Schipp méi un, mee soss huet se sech an den al agesiessene Geschäfter net geännert. Si ass frëndlech, sans plus. Si ass riet eraus. Si ass net ëmmer gebaut wéi e Fotomodell, mee si versteet hier Clienten. Si ass gedëlleg. Se kennt hier Wuer a mécht alles, fir de Client sou gutt wéi méiglech ze beroden. An si schwätzt natierlech och lëtzebuergesch.

Als Kand kruuts de ëmmer eng Kamell. Oder e Loftballon. An du hues dech an all deene Rosenstielen, Monopolen, Sternbergen gefillt ewéi doheem: d'Vendeuse war ëmmer déi selwecht. Si huet hier Clienten kannt. Si huet zum Inventaire gehéiert.

Schonn als Kand huet déi Stater Geschäftswelt mech faszinéiert. Ech weess elo nach, wéi ech am Rosenstiel main éischte Soutien krut an d'Madame ouni mech unzepaken an trotz weidem achtziger Jore Pullover meng Gréisst direkt wosst a mer dat richtegt an d'Cabine gehaangen huet. Ech weess elo nach, wéi ech mat menger Mamm an de *Quick* gaange sinn, deen



Guy Hoffmann

*2013, v.l.n.r.: Robi Sinner, Corinne Cahen, André Cahen, Maria Vales, Mandy Matagne-Mariany, Tamara Richter, Micheline Goncalves-Lentz, Francine Back-Weffling, Patrice Georges, Danielle Mathias-Becker an Liliane Flohr*

alles, awer wierklech *a l l e s* hat. An ech erënnere mech ëmmer nach un de Gérant am *Sternberg*, e feine Mann, deen ëmmer do war. Oder u mäi Lieblingsbuttek, de *Spielzeugparadies*. Mat deem sénger Fermeture ass meng Kannerzäit gestuerwen.

Ech war nach ëmmer e richtegt Butteksmeedchen. Meng Elteren hunn hiert Liewen am *Chaussures Léon* verbruecht, an ech par la force des choses och. Als klengt Kand war ech dacks do. Dono sinn ech regelméisseg no der Schoul an de Buttek gaangen. Ouni ze vergiessen, ënnerwee bei jidderengem fläisseg Reklamm ze maachen (wat ech haut nach erzielt kréien). Ech si mat de Vendeusen a mat de Clienten opgewuess. A mam Beruff vum Schongverkeefer a Commerçant.

Scho ganz fréi wollt ech de Leit Schong umoossen, zerwéieren (matschwätzen hunn ech wuel nach ëmmer gemaach). All Joer gouf et Zodi doheem, well ech onbedéngt op d'Braderie wollt hëllefe goen. Abee, mat zwielef Joer hunn ech endlech dierfen: mëng éischt Braderie, virun der Dier, an all Schlapp, déi ech verkaaft hunn, war en Erfolgserlebnis! Lues a lues hunn ech vun do un mol däerfe Kannerschong oder Schlappen an de Keller siche goen, wa méi Clienten am Buttek ware wéi Vendeusen.

Ech hunn d'Vendeusen ëmmer bewonnert: d'Maria an d'Mina hunn de Keller propper gehalen an hu geschnësst ouni Enn, wa se geraumt hunn. D'Albertine hat de ganze Buttek am Bléck, et wosst ëmmer genee, wat wee géing maachen an et huet selwer quasi ëmmer eng Fatz an der Hand gehat fir ze botzen. Dem Josette seng Bibel war d'Telefonsbuch: soubal eng Cliente eraus war, huet et am Buch gekuckt, wou déi da genee géing wunnen. Hatt huet se all kannt, d'Clienten: hiren Numm, hir Famill, hire Beruff… A wann net, dann huet et esou laang mat de Leit geschwat, bis dass et alles wosst.

Impressionant war (an ass) awer virun allem, dass d'Meedercher de Clienten hier Féiss auswendeg kennen. „Ah, dat ass d'Madame mam 37, déi Einlagen huet an déi, déi e bësse méi eng breet Form bräuch"; „den Här huet e Problem op der klenger Zéif, do däerf op kee Fall eng Nout sinn." Eis Meedercher waren ëmmer extrem professionell. An ech hat d'Chance, nieft der Schoul, zesumme mat de Léiermeedercher, de Beruff ze léieren, allerdéngs mat manner Contrainten: d'Botzen ass mir glécklecherweis erspuert bliwwen, well ech jo moies an der Schoul war, wann de Buttek opgemaach huet.

An der Schongbranche gëtt et vill ze léieren, wann ee säi Beruff anstänneg wëll maachen: et muss een déi verschidde Liederzorten kennen an den Ënnerscheed wëssen tëschent Kou-, Schwäin- oder Hirschlieder z.B. Et muss ee wëssen, wéi e Schong fabrizéiert ass, well dat vill iw-




*D'Reklamm vun der Ouverture vu Chaussures Léon am Joer 1924*

wert säi Präis an säi Confort ausseet. Nieft de Gréissten ginn et och verschidde Breeten. Wann dausende Puer Schong am Rayon sinn, muss een natierlech och wësse, wuer ee wat siche geet. Et muss een d'Orthopédie kennen, fir de Leit de richtege Schong fir hir Féiss ze proposéieren. An natierlech muss een noläuschtere kënnen, et muss ee mat de Leit schwätze kënnen, frëndlech sinn. Och wann et engem net dono ass.

Dat alles hunn ech als Teenager geléiert. Well wann ech net am Lycée oder am Conservatoire war, da war ech am Buttek.

Vu méngen 18 Joer un hu méng Elteren mer de Buttek alt heiansdo „uvertraut". Wa si mol fort waren, an ech awer do, dann hunn ech däerfen de Buttek géréieren. No an no hunn ech mech och am Büro ageschafft. Et huet allerdéngs extrem laang gedauert, bis ech alles maache konnt a wollt. Ech hu sechs Joer net zu Lëtzebuerg gewunnt a war deemno net méi grad sou dacks op der Gare.

Nieft *Chaussures Léon* hunn ech awer och aner Butteker immens gutt kannt, ugefaangen mat eisen Noperen. Et war eng schéi Strooss, d'Avenue de la Liberté, mat de schickste Butteker aus der Stad: *Paris Fourrure* an *d'Boutique Michèle* ware fir déi besser Dammen. D'Hären haten e grousse Choix u Costumer an u flotten Hiemer a Boxe beim Kieffer. Beim Scheer oder Namur konnt ee sech stäerken. An d'Kanner goufen am *Palais de l'enfant* gekleet.

Als Teenie war een dann och gär beim *Paris Musique*, wou ee stonnelaang an den CDen dat richtegt gesicht huet.

No der Uni hunn ech nach net dru geduecht, an de Buttek schaffen ze goen. De Beruff, deen ech mer erausgesicht hunn, war Journalistin. Nach haut ass dat en Dramberuff fir mech, an de Radio män Dram-Medium. Mee och wéi ech zu Lëtzebuerg geschafft hunn, war ech nieft menger regulärer Aarbecht bei RTL éiweg am Buttek. Bis ech no e puer Joer entscheed hunn, ganz an de Buttek ze goen.

E puer Joer laang hunn ech weider fräiberufflech als Journalistin geschafft, ech hat déi zwee Beruffer also ausgetosch.

Doduerch, dass ech e Beruff hat, konnt ech méngen Elteren natierlech e puer Konditioune stellen. Déi dräi Haaptkonditioune waren, dass d'Fënster misst frësch gemaach gin, dass de Buttek an der Mëttesstonn riicht duerch misst opbleiwen an dass ech e Computer géng kréien. Ech hu mech och an de Conseil vun der *Union commerciale* gemellt, well ech aktiv un der Zukunft vun der Stad an dem Commerce wollt matschaffen, mee dat war deemools éischter e Poterclub mat ville Leit, déi nach ni e Commerce haten. Nom Mandat hunn ech méng Kandidatur net méi gestallt.

Wéi sech 2007 awer eng ganz nei Equipe opgesat huet, war ech direkt nees derbäi. Eist Ziel war et, d'*Union commerciale* ze professionaliséieren an d'Stad professionell ze vermaarten. D'Stad Lëtzebuerg an den deemolege Buergermeeschter Paul Helminger waren och direkt bereet, eis finanziell a logistesch ze hëllefen.

No zwee Mandater hate mer all déi Projeten, déi mer eis virgeholl haten, ëmgesat, sou dass mer Plaz gemaach hu fir eng nei Equipe. Parallel dozou hunn ech mech och weider ëm mäi Betrieb gekëmmert. Déi trauregste Momenter waren a sinn nach ëmmer déi, wann eng Vendeuse, déi 20, 30 oder souguer 40 Joer bei eis geschafft huet, an hir wuelverdéngte Pensioun geet. De Buttek ass wéi eng grouss Famill. Et verbréngt ee jo quasi méi Zäit mat séngen Aarbechtskollegen wéi mat sénge Leit doheem. Dofir si mer ëmmer immens frou, wann all déi „Al" erëmkommen fir d'Braderie. Deen Dag ass ëmmer wéi e grousse Konveniat. Mee och soss kommen eis Ex-Vendeusen eis dacks besichen: d'Jeanny huet schon viru siechzeg Joer beim Léon geschafft. Zu enger Zäit, wou d'Meedercher nach Schiertecher unhaten. An d'Jeanny kënnt och haut nach dacks bei eis. Et gehéiert einfach zum Haus. Grad wéi och d'Albertine an d'Josette. Si wäerte bei eis ëmmer wéi doheem sinn.

Déi gréissten Anciennetéit huet awer mäi Papp, den André. Hien huet 1957 als Léierbouf beim Léon ugefaang. Duerno gouf e Vendeur. Wéi de Léon gestuerwen ass, huet mäi Papp de Betrieb iwwerholl. Dee Buttek ass seng Passioun. Fir hien ass de Buttek, d'Schong, d'Vendeusen a virun allem d'Clienten méi wéi nëmmen e Beruff. *Chaussures Léon* ass säi Liewen. Heen hat ni en aneren Hobby. En huet fir de Buttek gelieft. An och elo, no 56 Joer beim Léon, bréngt en et nach ëmmer net fäerdeg, mol en Dag doheem ze bleiwen.

Corinne Cahen

### *Moi, mes souliers*

*Moi, mes souliers ont beaucoup voyagé*
*Ils m´ont porté de l´école à la guerre*
*J´ai traversé sur mes souliers ferrés*
*Le monde et sa misère.*

*Moi, mes souliers ont passé dans les prés*
*Moi, mes souliers ont piétiné la lune*
*Puis mes souliers ont couché chez les fées*
*Et fait danser plus d´une...*

*Sur mes souliers y a de l´eau des rochers*
*D´la boue des champs et des pleurs de femmes*
*J´peux dire qu´ils ont respecté le curé*
*L´pays, l´bon Dieu et l´âme.*

*S´ils ont marché pour trouver l´débouché*
*S´ils ont traîné de village en village*
*Suis pas rendu plus loin qu´à mon lever*
*Mais devenu plus sage.*

*Tous les souliers qui bougent dans les cités*
*Souliers de gueux et souliers de reine*
*Un jour cesseront d´user les planchers*
*Peut-être cette semaine.*

*Moi, mes souliers n´ont pas foulé Athènes*
*Moi, mes souliers ont préféré les plaines*
*Quand mes souliers iront dans les musées*
*Ce s´ra pour s´y accrocher.*

*Au paradis, paraît-il, mes amis*
*C´est pas la place pour les souliers vernis*
*Dépêchez-vous de salir vos souliers*
*Si vous voulez être pardonnés...*
*...Si vous voulez être pardonnés.*

*Félix Leclerc, chanteur québécois (1959)*



*1984, 1. Rei, v.l.n.r.: Magali Cahen & Corinne Cahen; 2. Rei: Jeanny Lacaff, Josette Dahm, André Cahen, Paulette Cahen, Sylvie Podlogar a Marie-France Kohl; 3. Rei: Albertine Bernard-Luja, Sonja Bruck-Reimen, Béatrice Blang, Erika Hellers, Antoinette Zimmermann a Simone Giroud; 4. Rei: Marie-Jeanne Horpert, Yvette Weber, Danièle Blang, Karin Feller a Liliane Jung*